



**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten,
op d'Parlamentaresch Ufro n° 5768 vum 15. Februar 2022 vum honorabelen Här Deputéierte
Fernand Kartheiser**

D'Fluchgesellschaft Qatar Airways huet 2021 um Fluchhafen Lëtzebuerg-Findel am Ganzen 1.559 Rotatioune mat Cargoflich duerchgefouert. Am Moment flitt d'Gesellschaft 23 bis 24 Rotatioune pro Woch.

D'Gesellschaft Qatar Airways huet e "Certificat de transporteur aérien" vun den Autoritéite vun der ziviller Loftfaart vum Katar an ass domat net gebonnen un d'Dispositioun vum Reglement (EU) n° 965/2012 "*déterminant les exigences techniques et les procédures administratives applicables aux opérations aériennes fixant les limitations des temps de vol et de service et les exigences en matière de repos (« FTL - flight time limitations »)*" déi den "Transporteurs aériens" aus der europäescher Unioun operluecht sinn. D'FTL fir d'Fluchgesellschaften aus Drëttstaaten baséieren op Normen a Praktiken déi vun der Annexe 6, Volume 1, vun der Internationaler ziviller Loftfaartorganisatioun (ICAO) recommandéiert sinn.

D'Direction de l'Aviation civile (DAC), déi zoustänneg Supervisiouns-Autoritéit zu Lëtzebuerg, mécht reegelméisseg sougenannte SAFA-Inspektiounen ("Safety Assessment of Foreign Aircraft") vun de Fliger déi an Drëttstaaten ugemellt sinn. D'Gestioun vum SAFA-Programm gëtt duerch d'EASA (Agence de l'Union européenne pour la sécurité aérienne) duerchgefouert, déi d'Inspektiounen tëscht de Supervisiouns-Autoritéite vun de Memberstaaten vun der EU koordinéiert.

Aus dësen, vun der DAC duerchgefouerten Inspektiounen, léisst sech schléissen, datt d'Gesellschaft Qatar Airways net zu de Gesellschafte gehéiert, déi e Sécherheetsproblem duerstellen, wat d'Ergräife vun immediatë Mesuren oder Restriktiounen vu Fluchrechter géif noutwenneg maachen. D'Gesellschaft befënnt sech och net op der sougenannter schwaarzer Lëscht, der europäescher Lëscht vun den "Transporteurs aériens" déi engem generellen Exploitatiounsverbuet oder Exploitatiounsrestriktiounen an der EU ënnerleien.

Den 18. Oktober 2021 ass en "Accord de ciel ouvert" tëscht dem Katar an der europäescher Unioun ënnerschriwwen ginn, fir sou gutt wéi méiglech déi fräi Konkurrenz tëscht den "Transporteurs aériens" ze garantéieren an doduerch e "level playing field" z'assuréieren, wat sozial a konkurrenzuel Obligatiounen ueget. Dësen Accord muss nach duerch d'Memberstaaten ratifizéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2022.

Der Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch